N°23
Entrée le 15.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 16.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Michel WOLTER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Finanzen weiderzeleeden.**

Am Oktober 2023 huet erëm de järleche Luxembourg Tennis Masters Tournoi stattfonnt. D'Event ass ee vu villen, dat am Kader vum Nation Branding ënnerstëtzt gëtt. Aner Beispiller sinn den Tours de Luxembourg oder och d'Expogast. Wéi Reporter.lu 2019 festgehalen huet, stellen sech Froen zur Verdeelung vun dem Budget fir d'„Promotion de l'image du Luxembourg". Am Ufank sollt dëse Budgetsposten eleng dem Ausseministère ënnerstoen. Bei der LTM huet awer och de Finanzministère 200'000€ bis 300'000€ aus dem Budgetsposten "manifestations culturelles ou sportives à portée internationale" u Gelder ginn.

Wann een Budgetsposen vum Finanzministère kukt gesäit een, dass et grouss Ënnnerscheeder tëscht der Zäit ënnert dem Minister Gramegna an duerno ginn. De Budgetsposten fir kulturell Manifestatiounen ass 2018 entstaanen. War am Budget 2018 vum Finanzministère fir Manifestatiounen nach ee Budget vun 1.500.000€ virgesinn, gesäit een am de Budget vun 2020 fir d'Period 2020-2023 all Joers eng Millioun € fir. Am November 2021 ass den Pierre Gramegna aus der Regierung ausgetratt. D'Ministerin Yuriko Backes schengt den Posten gekierzt ze hunn, well am Budget 2023 steet, dass 2022 eng halew amplaz eng ganz Millioun genotzt ginn ass, an de Budgetsposten ass am Joer 2023 ofgeschaft ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Ministèren hunn am Moment Budgetsposten déi der "Promotion de l'image du Luxembourg" sollen ze gutt kommen?

2. Wéi héich waren d'Ausgabe vun de jeeweilege Posten an de leschte 5 Joer (no Joer opgezielt)?

3. Wéi héisch waren d'Budgetsposte fir déi Joren initial ugesat?
   Firwat goufen dës Budgetsposte jeeweils iwwer respektiv ënnerschratt?

4. Wéi eng Projeten si mam Budget aus dem Finanzministère an der Period 2018-2022 ënnerstëtzt ginn?

5. Wéi eng Projeten si mam Budget aus dem Ausseministère an der Period 2018-2023 ënnerstëtzt

ginn?

6. Wäerten d'Budgetsposten "Promotion de l'image du Luxembourg" an Zukunft erëm just ënnert engem Ministère gebündelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

www.piraten.lu